

## **PARLAMENTSWALEN 2023: Wéi gendersensibel ass Är Partei?**

De CID ass Zentrum an Treffpunkt fir Gender a Feminismus zu Lëtzebuerg.

Mir engagéieren eis fir d'Gläichstellung vun de Geschlechter, fir eng feministesch Gesellschaft a fir d'Verbreeden an den Ausbau vun Genderwëssen.

De CID geréiert eng öffentlech Bibliothék a realiséiert kulturell, sozio-politesch a pedagogesch Projeten.

Am Virfeld vun de Parlamentswale 2023 wëlle mir de Bierger\*innen Orientéierung bidden a siichtbar maachen, wéi eng Parteien sech geziilt fir Geschlechtergläichstellung a Feminismus asetzen a wéi.

Merci am Viraus fir Är Méi.

**Froen**

## Bildung

### **1. Wéi wëllt Dir diskriminéierend Inhalter (sexistesch, rassistesch, klassistes) am Schoulmaterial an an de Programmer ofschaffen?**

D'DP steet fir eng fräi, oppen an tolerant Gesellschaft, déi net nëmme solidaresch mat deene méi Schwaachen ass, mee déi sech dofir asetzt, datt alleguerten d'Mënsche kënnen um gesellschaftleche Liewen deelhuefen. Mir setzen eis aus dësem Grond géint all Form vun Diskriminéierung an. All Mënsch soll onofhängeg vun sengem Geschlecht, sengem Alter, sengen Originen oder senger gesellschaftlecher Zougehéieregkeet déi nämme Chancen hunn.

Wann et ëm d'Sensibiliséieren an d'Informéieren iwwer diskriminéierend Inhalter geet, huet d'Schoul eng besonnesch Verantwortung an eng Virbildfunktioun z'erfëllen. Gläichberechtigung soll vun Ufank un an de Schoulen geléiert a gelieft ginn. Sou sollen d'Schoulbicher ee Gesellschaftsmodell erëmspigelten an deem kee Mënsch notament opgrond vu sengem Geschlecht, senger Hautfaarf, senger Nationalitéit, sengem Glawen oder senger Sexualitéit diskriminéiert gëtt.

An deem Sënn huet den DP-gefouerte Bildungsministère, zesummen mam Ministère fir Chancëgläichheet, de „*Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild in Schulbüchern*“ ausgeschafft. Heiranner fannen d'Auteuren vu Schoulbicher ë.a. Recommandatiounen doriwwer wéi si d'Geschlechter ob eng gläichwärtig Manéier sollen duerstellen.

Zesumme mam Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch schafft de SCRIPT och un enger Lëscht u geschlechtsneutralen Lëtzebuergeschen Beruffsbezeichnungen.

D'DP wäert d'Efforten an deem Sënn weiderféieren, d'Schoulmaterial a -Programmer permanent op diskriminéierend Inhalter iwwerpräiwen, deementspreechend upassen an d'Material *a puncto* Diskriminatioun och zukünfteg mat relevante Sujeten aktualiséieren.

### **2. Wéi wëll Är Partei d'Representatioun vu Fraen an de Schoulprogrammer erhéijen (weiblech a queer Auteuren an der Literatur, Kënschtlerinnen, Wëssenschaftlerinnen, Musekerinnen,...)?**

D'Lëtzebuerger ëffentlech Schoul verdeedegt een oppene Gesellschaftsmodell, an deem keen wéinst sengem Geschlecht diskriminéiert gëtt. Fir dëst ze promovéieren a géint Geschlechter-Stereotypen virzegoen, huet den Educatiounsministère rezent Guidelines fir eng gender-equilibréiert Representatioun an de Schoulbicher publizéiert.

Déi textuell a grafesch Inhalter, déi an de Schoulbicher ofgedréckt ginn, vermëttelen implizitt gesellschaftlech Wäerter an hunn ee groussen Impakt op d'Bild, dat déi Jonk ausserhalb vum Kllassesall op eis Gesellschaft hunn. D'DP wäert säitens vum Educatiounsministère an zesumme mam SCRIPT weider Efforten maachen fir gender-spezifesch Stereotypen z'identifizéieren, an ze neutraliséieren, fir esou eng Ënnerrepresentatioun vun engem Geschlecht géint iwwer engem aneren ze bekämpfen. D'Schüler solle schonn fräi d'Gefill an d'Sécherheet vermëttelt kréien, datt et net hiert Geschlecht, mee hir Interessien an Talenter sinn, déi hir spéider Beruffswënsch determinéieren.

### **3. Wëllt Dir genderspezifesch Aspekter an d'Ausbildung vum Léierpersonal integréieren?**

Jo, d'DP wäert alleguerten d'Schoulpartner bei der Stärkung vun hire pedagogeschen Praktiken a Konzepter bezüglech der Gläichstellung an dem Ëmgang mam Sujet ‚Geschlecht‘ weider ënnerstëtzen. Schon haut ginn et spezifesch Projeten a Weiterbildungscoursen beispillsweis beim IFEN, déi d'Enseignanten geziilt iwwer d'Wichtigkeet an den Notzen vun der Ausernanersetzung mam Thema sensibiliséieren. Deemno wäert d'DP och an Zukunft geschlechtersensibel Usätz an der Pedagogik, an allgemeng op all Niveau vun der Educatioun fërderen an ënnerstëtzen.

### **4. Wëllt Dir d'Erkennung an d'Präventioun vu Gewalt an d'Formatioun vun der Police, der Justiz an dem Gesondheetspersonal als feste Bestanddeel integréieren, respektiv ausbauen?**

Jo. Prinzipiell si Formatiounen an deene Beräicher ze promouvéieren. Gewalt dierf zu kengem Zäitpunkt d'Léisung sinn, an et ass wichteg dass Situatiounen entschäerft an opgeléist ginn, nach ier et zu Gewalt ka kommen. D'DP wëll d'Noutwennegkeet vun spezifische Fortbildungen an deene genannte Secteuren analyséieren an d'Offer u Formatiounen deementspriedend adaptéieren.

### **5. Wéi wëllt Dir eng geschlechtersensibel Perspektiv an déi non-formell Bildung integréieren?**

Déi uewe genannte Sensibiliséierung soll schon am Kader vun der formeller Bildung stattfannen an deene Klengen altersgerecht vermëttelt ginn. Duerch de ‚Leitfaden für geschlechtersensible Darstellung in Sprache & Bild in Schulbüchern‘, solle Wäerter wéi Gläichberechtigung ënnert de Mënschen de Schüler schon am jonken Alter méi no bruecht ginn, fir dës Wäerter vun Ufank un ze festegen an dorop opzebauen. Och an der non-formeller Bildung soll vu Stereotypen ofgesi ginn, an eng genderneutral Pedagogik gefërdert ginn.

## **Aarbecht**

### **6. Wéi wëll ÄR Partei de berengegten Gender-Pay-Gap ofschafen?**

D'Gehälter-Egalitéit bei gläicher Aarbecht ass fir eis eng Selbstverständlechkeet an och gesetzlech esou verankert. All Diskrepanz opgrond vum Geschlecht ass net ze toleréieren an eng Infraktioun. Eisen Gender-Pay-Gap ass mat 0,7% dee niddregsten an der ganzer EU. Den Duerchschnëtt an der EU läit bei 13%. D'Gehälter-Egalitéit ass d'Viraussetzung fir ee soziale Fridden am Betrib an dréit wesentlech zur Motivatioun vun allen Employéeën bäi. Dat kënnt letztendlech och dem Betrib ze gutt. D' DP wäert och an Zukunft versichen d'Betribler z'incitéieren hir Gehälter-Politik z'analyséieren, an déi néideg Upassungen virzehuelen.

### **7. Ëm wéi vill Stonne wëll ÄR Partei d'Aarbechtszäit verkierzen?**

D'Regierung huet rezent eng Etüd an Optrag ginn fir all Aspekter vu enger Aarbechtszäitverkierzung ze bellichten. Allerdéngs hunn d'Virstellungen an d'Erwaardungen vu ville Leit sech iwwer d'Joren geännert.

Dofir setzt d'DP hei éischer den Accent op eng Aarbechtszäitflexibiliséierung a net op eng Aarbechtszäitverkierzung. De Patron an de Salarié sollen en Accord fir d'Horairë festleeën, an da mat Zäitspuerkonten oder iwwer eng Joresaarbechtszäit kënnen schaffen. Jonke Leit, mat oder ouni Kanner, bréngt et eiser Meenung no méi, wa si hiner Aarbecht zu flexibelen Auerzäite kënnen nogoen an och deelweis am Home-Office kënnen schaffen. Esou gewënnt ee wäertvoll Zäit fir d'Famill an/oder Hobbyen. Dobäi kënt, dass een a verschiddene Secteure kee qualifizéiert Personal méi fënnt. Dee Problem géif duerch eng Aarbechtszäitverkierzung just nach verstärkt ginn.

### **8. Wéi wëll Är Partei déi grouss Ongläichheet tëscht de Geschlechter bei de Renten ausgläichen?**

D'DP huet zanter 2014 d'Familljepolitik moderniséiert. Déi Politik vu virdrun huet net méi den Erausforderunge vun der haiteger Gesellschaft entsprach an huet esouguer deels onsécher Situatiounen ënnermauert. Den Aarmutsrisiko – zomol vun Elengerzéiende mat Kanner – huet e Paradigmewiessel an der Familljepolitik verlaangt, deen et den Elteren erméiglecht, fir Beruff a Famill besser mateneen ze verknäppen. Genee dës Adaptatiounen sinn och de Fraen zegutt komm, déi sech dank eiser Politik net méi tëscht Beruff a Famill mussen entscheede. Déi finanziell Onofhängegkeet vun de Fraen konnt esou däitlech gestärkt ginn, an och fir d'Zukunft ass et der DP en Uleies eng Ongläichheet bei de Renten tëschent de Geschlechter weider ze bekämpfen.

### **9. Wëll Är Partei e bedéngungsloost Grondakommes aféieren?**

Nee.

### **10. Wéi wëll Är Partei eng Kannerbetreierung fir all Kand, onofhängeg vun der Situatioun vun den Elteren, garantéieren (besonnesch fir strukturschwaach Géigenden an Elteren, déi op den öffentlichen Transport ugewise sinn)?**

D'Politik vun de leschte Joren war ganz substantiell op d'Kanner cibléiert, an dorop all Kand de beschtméigleche Start an d'Liewen an déi selwecht Zukunftschancen ze bidden. Deementspriechend gouf d'Kannerbetreierung an deene leschten zwou Legislaturperioden ënnert dem DP-Bildungsminister Claude Meisch grondleeënd reforméiert. Net méi spéit ewéi zanter der Rentrée 2022 ass d'Maison Relais während de Schoulwoche gratis ginn. Dës Offer ass virun allem fir Famillje mat klengem Akommes eng considerabel Entlaaschtung. Nach ni sinn an enger eenzeger Legislaturperiod esou déifgräifend Bildungsreformen decidéiert an ëmgesat ginn, fir de Bildungssystem ze moderniséieren a méi sozial duerchlässeg ze maachen. D'DP gesäit den Invest an d'Kannerbetreierung als e wäertvollen Investissement den esouwuel de Kanner wéi och den Elteren ze gutt kënt. D'DP wëll dës nei Mesuren deemno an punktuell analyséieren fir potentiell Schwaachpunkten erauszefilteren, an de Fall gesat déi néideg Adaptatioune virhuelen.

## Famill

### **11. Ëm wéi vill Wochen oder Méint wëll Är Partei de Congé de naissance (aktuell Bezeichnung "Pappecongé") verlängeren?**

De Congé fir Pappen no der Gebuert vun engem Kand gouf an der viregter Legislaturperiod ënnert enger DP gefouserter Regierung vun 2 op 10 Deeg gehéicht. Domadder si mir elo scho konform mat der EU-Direktiv 2019/1158, déi aktuell an nationaalt Recht transposéiert gëtt. De Pappecongé gëtt iwwerdeems elo och op d'Independanten ausgeweit, wat eng wichteg Measure ass, fir eng Gläichheet tëschent alle Schaffenden ze kreéieren.

Och de Congé fir Elteren deenen hiert Kand krank ass, ass méi flexibel gestalt ginn. Heibäi ass et och wuelgemierkt egal ob dee Congé vun der Mamm oder vum Papp geholl gëtt. De Congé fir d'Mamm no der Gebuert ass generell vun 8 op 12 Wochen erhéicht ginn.

### **12. Wéi wëllt Dir d'Aarmut vun den Elengerzéienden ofschafen?**

D'DP huet an deene leschte Jore vill ëmgesat fir Familljen mat Kanner z'ënnerstëtzen a finanziell z'entlaaschten. Dozou zielen ë.a d'gratis Kannerbetreuung während de Schoulwochen, d'gratis lessen an de Schoukantinnen, d'gratis Schoulbicher fir d'Schüler aus dem Secondaire, d'gratis Hausaufgabenhëllef, de gratis Museksunterrecht etc.

Doriwwer eraus huet d'Steierreform vun 2017 fir eng geziilten Entlaaschtung vun Elengerzéier gesuergt. Si profitéieren notamment vun der Erhéijung vum Steierkredit fir Elengerzéiender. Och sinn d'Montante vum Mindestloun, dem REVIS an dem RPGH iwwert déi lescht Joren considerabel eropgaangen. Beim REVIS sief bemierkt datt besonnesch d'Eropsetzen vun de Montanten fir déi Elengerzéiend a fir d'Kanner immens hëllefträich fir d'Menagen war, wat och ëmmer nees vum STATEC a senge Publikatiounen ervirgehuewen gëtt. D'Kannergeld ass reindexéiert ginn an trotz dem Verréckele vum Index op dem Abrëll 2023, ass d'Kannergeld ëm 2,5% gehéicht ginn. Wat d'Konzept vun der Aarmut betrëfft, hu mir zesummen mam STATEC déi sougenannten Budgets de référence opgestallt, wou definéiert gëtt, wat een brauch fir dignement ze liewen.

Mam Solidaritéitspak 2.0 kennt eng weider Erliichterung fir Elengerzéier dobäi. De Steierkredit gëtt no 2017 nach eemol ugepasst, wat zu weidere Steiererliichterunge wäert féieren.

D'Logementspräisser an déi aktuell Energiekris sinn den Ament d'Haaptfacteuren fir den Aarmutsrisiko. Dofir huet d'Regierung de Montant vun der Allocation de Vie Chère gehéicht, eng Prime d'Energie agefouert an och d'Subvention Loyer substantiell eropgesat. All dës Mesuren hu natierlech och eng finanziell Entlaaschtung fir di Elengerzéiend mat sech bruecht.

Den Ament schafft de Familljeministère ausserdeem un enger Reform vum Accueil gérontologique, wou déi Leit solle gehollef kréien, déi net genuch Moyenen hunn fir sech en Zëmmer am Altersheem ze leeschten.

Fir den Aarmutsrisiko weider ze reduzéieren, bleiwen Analysen iwwert den Impakt vun dese Mesuren och an Zukunft wichteg - dëst och fir ze evaluéieren ob, a wat fir punktuell aner Demarche kënnen implementéiert ginn, fir déi Elengerzéiend an d'Leit allgemeng nach besser ze ënnerstëtzen.

### **13. Wëll Är Partei e Recht op e Congé de maternité fir Deputéiert a Regierungsmemberen aféieren?**

D'Deputéiert, respektiv d'Regierungsmemberen, befanne sech net an engem Aarbechtsverhältnis, mä bekleeden ee politescht Mandat. Dëst ka weder mam Statut, nach mat de Rechter vun engem Salarié gläichgestallt ginn.

#### **Gesondheet**

### **14. Wëll Är Partei „Endometriosis“ als Krankheet unerkennen? Falls nee: Firwat?**

Jo, d'Demokratesch Partei ass oppen fir eng Unerkennung vun der Endometriosis als Krankheet. Allerdéngs ass d'DP sech och de Schwieregkeete bewosst, déi enger schneller a sécherer Diagnos am Wee stinn. Et dauert oft bis zu 10 Joer bis eng definitiv Diagnos vun der Endometriosis erstallt ass. Eréischt wann d'Symptomer ganz staark sinn, oder wann e Kannerwonsch onerfëllt bleift, ginn déi néideg Ënnersichunge gemaach fir d'Krankheet festzustellen. Bei de Routinesënnersichunge beim Gynäkolog kënnen d'Wucherungen un den Eeërstäck net mat Sécherheet erkannt ginn, heifir muss eng Bauchspiggelung (Laparoskopie) ënner Vollnarkos gemaach ginn. Eng méi séier an effektiv Diagnostik géif zu der offizieller Unerkennung vun der Krankheet bäidroen. Als DP versti mir dass dëst mat en éischten Hiewel ass den et gëllt a Bewegung ze setzen, fir dëser Krankheet déi néideg Unerkennung ze garantéieren.

### **15. A wéi fern ënnerstëtzt Dir d'Schafung vun engem onofhängege Bureau de Plainte bei gynekologescher Gewalt?**

All Zorte vu Gewalt kënnen dramatesch Suitte mat sech zéien, déi och nach laang nowierke kënnen. Dat gëllt och fir Gewalt am Kader vun medezineschen Ënnersichungen oder Interventiounen. D'DP ass oppen fir mat den concernéierten Acteuren iwwer d'Schafung vun esou enger Ulafstell ze diskutéieren.

### **16. Wëll Är Partei d'Gratisverdeelee vu Menstruationsproduiten an alle staatlech geréierten Toiletten aféieren?**

Zanter 2019 ass den TVA-Taux bei Menstruationsproduiten vu 17% op 3% reduzéiert ginn. Och op lokalem Niveau ginn et schonn DP-gefouert Gemengen déi dëse Wee ageschloen hunn, sou z.B d'Stad Lëtzebuerg. An Zukunft wäert een déi effektiv Hëllef déi dës cibléiert Mesure viséiert besser aschätzen, an eng potentiell Erweiderung vum Projet besser evaluéieren kënnen.

#### **Politik a Gesellschaft**

## 17. Wéi wëllt Dir d'Erhiewung an d'Notzung vun genderspezifischen Donnéeë sécher stellen (bei parlamentareschen Ufroen, beim Statec, bei Etüden, ...)

Der prinzipieller Erhiewung vun genderspezifischen Donnéeën steet der DP hirer Meenung näischt am Wee, insofern déi concernéiert Leit dës Informatiounen bereetwëlleg an am Kader vum Dateschutz zur Verfügung stellen. Mir sinn oppe fir mat de concernéierten Instanzen iwwert eng Erweiderung vun der Erhiewung vun genderspezifischen Donnéeën nozedenken, a gegebenenfalls, ëmzesetzen.

### 17. Wéi wëll Är Partei Genderbudgeting ëmsetzen?

Prinzipiell sollten all ëffentlech Depensen an deem Sënn iwwerpréift ginn, datt si zur Förderung vun der Gläichstellung tëscht Mann a Fra bäidroen a net de Géigendeel bewierken.

All Gesetzesprojet a Gesetzespropositioun beinhalt an deem Sënn och haut schonn eng sougenannte "Fiche d'évaluation d'impact". Dës Fiche huet och eng spezifesch Sektioun, déi d'Chancegläichheet betrëfft. Am Ganze ginn et hei 5 Froen, déi beäntwert musse ginn - notamment ob de Gesetzesprojet oder -proposé e geschlechtsspezifesch ënnerschiddleche finanziellen Impakt huet.

Onofhängeg vu Mann, Fra oder anerem Geschlecht besteet fir all Mënsch eng Égalité des chances an och eng Égalité devant la loi. Als DP bleiwe mir och an Zukunft beméit, all Mënsch nom gläiche Recht ze behandelen, eis fir déi selwecht Opportunitéite fir jiddereen anzesetzen, an eng gender-spezifesch Politik präzis do ze maachen wou fir e bestëmmte Grupp u Mënschen akut e Problem besteet.

#### Egalité des chances

15. Le projet est-il :

– principalement centré sur l'égalité des femmes et des hommes ? Oui  Non

– positif en matière d'égalité des femmes et des hommes ? Oui  Non

Si oui, expliquez de quelle manière :

– neutre en matière d'égalité des femmes et des hommes ? Oui  Non

Si oui, expliquez pourquoi : Les dispositions du projet de loi concernent tous les électeurs non-luxembourgeois, sans qu'il soit fait une distinction entre femmes et hommes

– négatif en matière d'égalité des femmes et des hommes ? Oui  Non

Si oui, expliquez de quelle manière :

16. Y a-t-il un impact financier différent sur les femmes et les hommes ?

Oui  Non  N.a.

Si oui, expliquez de quelle manière :

### 18. Wéi setzt sech Är Partei besonnesch fir rassiséiert Fraen, queer Fraen a Frae mat Behënnerung an?

Dëst sinn 3 ganz verschidde Sujeten – Ethnie, Gender-Identitéit an de Sujet Behënnerung, déi, och wa se an dëser Fro op de gemeinsame Punkt „Fraen“ axéiert sinn, fir d'DP net sollte komplett an een Dëppen gehäit ginn. Dës Gruppen bilde Minoritéite, déi all eenzel fir sech mat eegene Virurteeler, Diskriminatiounen a Schwierigkeeten ze kämpfen hunn.

Allgemeng setzt d'DP an dëse Froe besonnesch op eng inklusiv an open Educatioun, wou all Kand an all

Jugendleche léiere soll iwwer sech selwer ze bestëmmen, an encouragéiert gëtt zu sech selwer ze stoen. 2017 huet Lëtzebuerg d'IDAHOT Erklärung géint d'Diskriminatioun a fir den Ausbau vun de Rechter vun de Mënschen aus der LGBTI-Communautéit ënnerschriwwen. D'DP wäert außerdem d'Rechter vu Mënsche stäerken, deenen hier äusserlech Geschlechtsmierkmoler net mat hirem gefillte Geschlecht iwwerenee stëmmen oder déi sech net eendeiteg engem Geschlecht zouerdnen.

Inclusioun ass fir d'DP e Mëscherecht, jiddereen an eiser Gesellschaft soll e méiglechst selbstbestëmmten Liewe kënnen féieren. Onofhängeg vum Geschlecht solle Mënsche mat enger Behënnerung d'selwecht wéi Mënschen ouni Behënnerung behandelt ginn, ebe just, dass hinnen déi Moyenen zur Verfügung gestalt ginn, déi hinnen genee dat och erméiglechen. Eng weiblech Persoun mat enger Behënnerung verdéngt déi selwecht Ënnerstëtzung wéi eng männlech Persoun mat Behënnerung, soulaang dës un hir spezifesch Besoinen adaptéiert ass.

D'DP ass sech bewusst dass eenzel Gruppen u Persounen méi vulnerabel sinn am Kontext vu Virurteeler an Diskriminatioun, an dës Gruppen dofir deemtspriechend müssen déi néideg Ënnerstëtzung kréien. Mee allgemeng kann d'DP weder Rassismus, nach Diskriminatioun an och Gewalt a kenger Form toleréieren. Fir d'DP ass de Respekt an de Schutz vum Mensch geschlechtsneutral an dofir setzt sech d'DP och an, all Form vu Rassismus, Diskriminatioun oder Gewalt ze prevenéieren egal ob se géint Frae, Männer oder net-binär Persoune geriicht sinn, fir dass jiddereen vum selwechte Niveau vu Respekt, Recht a Schutz ka profitéieren.

### **19. Wéi wëll Är Partei genuch bezuelbare Wunnraum fir besonnesch vulnerabel Bevëlkerungsgruppe schafen (elengerzéiend Elteren, Familljen mat méi wéi 3 Kanner, Affer vun haislecher Gewalt, ...)?**

De Logement stellt eng grouss Belaaschtung fir vill Stéit zu Lëtzebuerg duer, dat besonnesch fir vulnerabel Bevëlkerungsgruppen. Als DP si mer der Iwwerzeegung, dass net just all Mënsch soll kënnen ënner wierdege Bedéngunge liewen, mee dass speziell Persounen an enger prekärer Situatioun gehollef musse kréien. D'Efforte vun de leschte Jore wäerten dowéinst konsequent virugefouert ginn, fir déi betraffe Leit beschtméiglech z'ënnerstëtzen.

Mam Projet „Housing first“ vum Familljeministère kréien zum Beispill Persounen, déi op der Strooss liewen, en Ënnerdaach fir hinne bei hirer Stabiliséierung a gesellschaftlecher Inclusioun ze hëllefen. Dës Offer ass iwwer déi lescht Joer kontinuéierlech ausgebaut ginn, mat der Schafung vun zum Beispill och engem Projet dee spezifesch fir Frae geduecht ass. Och an Zukunft wëll d'DP dofir suergen, dass genuch Plazen zur Verfügung stinn, fir grad vulnerabele Persounen adequat ze hëllefen. Dat gëllt och fir aner Strukturen, wéi z.B. Fraenhaiser.

Fir d'DP ass awer kloer, dass donieft och generell d'Offer un abordablem Wunnraum däitlech an d'Luucht gesat muss ginn, fir der grousser Demande gerecht ze ginn. Mesurë wéi de Pacte logement 2.0, duerch dee bei all neiem PAP automatesch abordabel Wunnenge geschaaft ginn, an d'Realiséiere vu grousser Projeten, wéi ënner anerem Elmen, Wunne mat der Wooltz, an Neischmelz, wäerten iwwer déi nächst Jore hir Wierkung entfalen an dozou bäidroen, méi Stéit Accès zu enger abordabler Wunneng ze ginn. Doriwwer eraus wëll d'DP d'Investitiounen iwwer de Fonds spécial de soutien au développement du logement weider op ganz héijem Niveau halen. 2021 hat de Spezialfong Ausgaben an Héicht vun 170 Milliounen €. Dës Chiffer ass 2022 schonn op bal 330 Milliounen an d'Luucht gaangen, fir bis 2024 op 370 Milliounen ze klammen.

Aktuell ginn och d'Aiden am Logement iwwerschaaft, sou wéi de Koalitiounsaccord dat virgesäit, woubäi besonnesch elengerzéiend Familljen a Famillje mat méi Kanner ënnerstëtzt wäerte ginn. Fir d'DP ass



kloer, dass dës Familljen dacks engem méi héijen Aarmutsrisiko ausgesat sinn, an dofir och an Zukunft mat Hëllef vu cibléierte Mesuren geziilt ënnerstëtzt musse ginn.

## **20. Wéi wëll Är Partei Jongen- a Männeraarbecht förderen (zousätzlech zum Service InfoMann)?**

Wann et ëm d'Stärken vun der Gläichstellung tëscht Mann a Fra geet, mécht d'DP keen Ënnerschied u wéi ee Geschlecht sech d'Projeten oder d'Initiative primär riichten. Initiativen fir Jongen- a Männeraarbecht sollen dowéinst an de nämmelechte Moossen ënnerstëtzt a gefërdert ginn. D'DP wëll dofir eng nei Bestandsopnam vun der Jongen- a Männeraarbecht zu Lëtzebuerg an Optrag ginn fir geziilt Mesuren ëmzesetzen, wou se am Meeschte gebraucht ginn.

## **21. Frae leeschten een Drëttel méi onbezuelte Care-Aarbecht wéi Männer an hunn doduerch däitlech manner zäitlech an ekonomesch Ressourcen, wat a ville gesellschaftleche Beräicher d'Ongläichstellung vun de Geschlechter fërdert. Wéi wëll Är Partei dëser ongläicher Verdeelung vun der onbezuelter Care-Aarbecht entgéint wierken?**

Mat der Upassung vum Congé parental, den mëttlerweil ganz, deelzäit oder fractionnéiert geholl ka ginn, huet d'DP sech dofir agesat, an och erreecht, dass méi Männer wéi Fraen de Congé parental huelen. D'Flexibilitéit erlaabt et esou de Koppelen sech ënnerteneen besser ze organiséieren. Zousätzlech dozou, huet d'DP mat der Aféierung vum Pappcongé sech dofir agesat, dass d'Pappen allgemeng méi Zäit doheem am Stot mat de Kanner kënnen a solle verbréngen. D'DP wëll och méi flexibel Aarbechtszäiten ëmsetzen vun deenen all Persoun onofhängeg vun der Geschlechter ka profitéieren. Esou kënnen dann zum Beispill och d'Pappen d'Kanner an d'Schoul oder an d'Maison relais siche goen, fir d'Famill kachen a sech ëm de Stot këmmere.

Den Télétravail soll genuch Flexibilitéit erlaben an Zäit fir den Trajet op d'Aarbechtsplaz spueren, dass een doduerch méi Zäit kann an d'Aarbecht am Stop investéieren oder an en Hobby.

Nieft dem normale ‚Congé pour raisons familiales‘, gëtt desweideren d'EU-Direktiv 2019/1158 ëmgesat, déi och ee „Congé d'aidant“ vu 5 Deeg am Joer fir all Salarié virgesäit, fir sech z.B. ëm krank Familljememberen ze këmmere.

## **22. Wéi eng konkret Mesuren plangt Är Partei fir Paritéit an de politesche Mandater ze förderen?**

Zanter 2016 ass zu Lëtzebuerg per Gesetz virgesinn, dass op de Kandidatelëschte bei de Chamber- a bei den Europawale mindestens 40% vu engem Geschlecht musse sinn. D'DP wäert dëst Zil erfëllen. Et ass der DP wichteg sech dofir z'engagéieren, méi Fraen fir en aktive Roll an der Politik ze motivéieren. Deemno gëtt Paritéit bei der DP gefërdert, awer net imposéiert.

## **23. Wéi wëllt Dir sexistesch Belästegung am öffentleche Raum verréngere?**

Nieft enger ëmfaassender Sensibiliséierung vun der Gesellschaft iwwee sexistesch Belästegung am öffentleche Raum - ob am öffentlechen Transport, op de Stroossen, am Gesondheessektor oder an de Schoulen – wëlle mir och d'Justiz stärke fir sexistesch Belästegung am öffentleche Raum kënne besser

ze poursuivéieren, an domat gläichzäiteg Virfäll verhënneren. Gläichzäiteg ass et och wichteg déi betrafte Persounen ze stäerken, a si wëssen ze loossen, dass mir als Gesellschaft hannert hinne stinn, si ënnerstëtzen an hinnen de Réck stäipen.

## **24. Wéi wëll Är Partei eng geschlechtersensibel Verkéierspolitik fërderen?**

Etüde weisen, dass d'Bewegungsmuster vu Fraen a Männer sech och hautdesdaags nach ëmmer ënnerscheeden. Wärend Männer z.B. generell éischer direkt Trajete vun doheem op de Büro an erëm zréck maachen, leeë Fraen tendenziell éischer méi kuerz Strécken zeréck, mee maachen dofir méi Trajeten, a gräifen an deem Kader och op ënnerschiddlech Fortbewegungsmëttel zeréck.

Als DP setze mir eis kloer dofir an, vu stereotype Geschlechterrolle fortzekommen (wou z.B. virun allem d'Fra d'Kanner sichen an akafe geet), Gläichberechtigung am Alldag ze liewen an de Mënschen d'Méiglechkeet ze ginn, hiert Liewen esou z'organiséieren, dass och Männer sech méi doheem abrénge kënnen. Ee Beispill heivir ass de reforméierte Congé parental, deen och ganz vill Pappen an Usproch huelen. D'Realitéit weist eis, dass mer awer och hautdesdaags dovun nach zum Deel wäit ewech sinn.

Generell engagéiert sech d'DP fir eng Mobilitéit, déi de Leit de fräie Choix léisst, wéi se sech fortbeweege wëllen, sief et zu Fouss, mam Vëlo, mam ëffentlechen Transport oder mam Auto. Wärend Joerzëngte war d'Mobilitéitspolitik zu Lëtzebuerg eleng op den Auto zentréiert – dovu wëlle mir fortkommen, soudass den Auto an Zukunft eng vu ville Transportméiglechkeeten ass, déi all gläichberechtigt an d'selwecht attraktiv sinn.

Dofir ass an de leschte Jore massiv an den ëffentlechen Transport investéiert ginn, sief et den Zuch, den Tram oder den Ausbau vun etleche Garen a Parkhaiser. Mat der Reform vum RGTR-Réseau soll och de Bus méi attraktiv gemaach ginn, ënner anerem duerch d'Aféierung vun Expressbuslinien aus dem ländleche Raum an d'Stad. Och déi aktiv Mobilitéit wëll d'DP weider fërderen, dat virun allem duerch den Ausbau vun den Infrastrukturen. Wann ee méi Leit op de Vëlo wëll kréien, da geet dat nëmmen iwwer sécher an zesammenhänkend Vëlospisten, déi vum anere Verkéier getrennt sinn.

E wichteg Stéchwuert bei all deem ass d'Multimodalitéit. Fir d'DP ass et kloer, dass net all Trajet vun Ufank bis zum Schluss muss mam selwechten Transportmëttel zeréckgeluecht ginn, mee dass jee no der spezifescher Situatioun een z.B. den éischen Deel mam Vëlo oder mam Auto fuere kann, an duerno op de Bus oder den Zuch ëmklamme kann.

Op ville Plazen am Land sinn dowéinst „Pôles d'échange“ virgesinn, déi no an no gebaut ginn, wou d'Passagéier d'Méiglechkeet hunn, tëscht verschidde Fortbewegungsmëttelen ze wiesselen an op déi Manéier genuch Flexibilitéit hunn, hiren Trajet ze plangen.

Och dat neit Accessibilitéitsgesetz dréit zu enger méi geschlechtersensibeler Verkéierspolitik bäi. Andeems de gesamten ëffentleche Raum barrièrefräi gestalt wäert ginn, ka sech z.B. jiddereen mat enger Kannerkutsch einfach a fräi am Raum beweegen.

Zu enger geschlechtersensibeler Verkéierspolitik gehéiert och d'Thema Sécherheet, sou z.B. d'Thema Fraeparkplazen an den allgemenge Schutz vun de Leit am ëffentlechen Transport. Och dëst si Sujeten déi

d' DP fir d' Zukunft als wichteg empfénnt.

## Aussepolitik

### **25. Wéi wëll Är Partei eng feministesch Aussepolitik ëmsetzen?**

Esou wéi et och am Koalitiounsaccord steet, wäert Lëtzebuerg an europäeschen an internationale Froen eng Geschlechtergläichstellung fërderen a Fraen ganz geziilt ënnerstëtzen. Am politeschen Dialog mat Partnerlänner wäert sech Lëtzebuerg besonnesch am Hibleck op den Zougang zur Schoulbildung, zur Aarbecht an der medezinescher Grondversuergung, souwéi och de Land- an Eegentumsrechter fir d' Stäerkerung vun der sozialer a politescher Fraeroll a Chancëgläichheet asetzen. Mir wëllen doriwwer eraus an eiser internationaler an europäescher Politik fir de Respekt vu sexuellen a reproduktive Rechter vu Fraen astoen. Och an der Kooperatiounspolitik wäert d' DP weider un den Ziler vum Nationalen Aktiounsplang festhalen, d' Ziler vum Aktiounsplang iwwee Fraen, Fridden a Sécherheet weider kloer am Aen behalen an déi nohalteg Entwécklungsziler vun de Vereente Natiounen an den ‚ONU Femmes‘ mat an d' Decisioune mat afléisse loossen.

### **26. Wéi wëll Är Partei d' Mënscherechter vu Fraen a geschlechtliche Minoritéiten ouni Pabeieren op europäeschem Niveau an hei am Land sécheren?**

All Persoun déi verfollegt gëtt huet d' Recht an engem anere Land e Statut als Refugié unzefroen. Dëst Recht ass zu Lëtzebuerg mam Gesetz vum 18 Dezember 2015 formaliséiert ginn. An dësem Kontext, huet déi Lëtzebuerger Legislatioun och spezifesch d' sexuell Orientéierung, grad ewéi d' Geschlechts-Identitéit, als Motiv fir esou eng Demande festgehalen. Dëst gouf och nach eemol am nationalen Aktiounsplang – LGBTI vum DP-gefouerte Familljeministère festgehalen.

D' DP wëll geméiss dem nationalen Aktiounsplang „Femmes et paix et sécurité“ 2018-2023, d' Frae stäerkeren – och iwwee 2023 eraus. Dëst iwwee d' Educatioun, d' Entwécklung am Beruff, Mandater a Posten. Mir engagéieren eis fir all Zort vu sexueller Gewalt virzebeugen, sief et Gewalt, déi op d' Geschlecht zeréckzeféieren ass oder allgemeng haislech Gewalt. Hei probéiere mir d' Effentlechkeet beschtméiglechst ze sensibiliséieren. Och géint genital Verstümmelung vu Fraen kämpfe mir un fir d' Mënschewierd hei am Land an europawäit ze garantéieren.

## Kultur

### **27. Wëllt Dir paritétesch virgoe bei der Fërderung vu Kënschtler\*innen (finanziell a wat d' Repräsentanz vun hire Wierker an de Kulturprogrammer betrëfft)?**

Fir d' DP sinn d' Fërderung vun enger kultureller Villfalt an d' Wäertschätzung vun de Kulturschafenden immens wichteg. Wéien Geschlecht déi jeeweileg Persoun huet, sollt eiser Meenung no bei der Fërderung vu Kënschtler\*inne keng Roll spillen. Mat der Aféierung vum Kultur LX – Arts Council Luxembourg als effentlech Administratioun, bitt sech de Kënschtler am Land eng weider Chance eng vun enger cibléierter Ënnerstëtzung fir hir Aarbecht, an enger erweiterter Promotioun hei an am Ausland ze profitéieren.

### **28. Wëllt Är Partei geziilt d' Schafe vu weiblechen, queeren a benodeelegte Kënschtlerinne fërderen?**

Säit 2006 besteet zu Lëtzebuerg e Gesetz iwwer d'Gläichbehandlung, duerch dat eng ënnerschiddlech Behandlung vu Persounen opgrond vun wien si sinn oder wéi si liewen, verbitt. Säit 2006 gehéieren d'sexuell Orientéierung, a säit 2016 de ‚changement de sexe‘ och dozou. Eng privilegiéiert Behandlung vun engem Grupp vu Mënschen zum Nodeel vun engem aneren ass deemno, mee awer och allgemeng ze evitéieren.

Kultur ass fir jiddereen do, a gëtt och vu jidderengem geschaaft, ob dat an der Konscht, am Theater, am Danz oder engem anere Beräich ass. D'DP ass der Meenung, datt souwuel den Zougang zur kultureller Offer, wéi och d'Schaffen vun artistescher Aarbecht a Kultur fir jiddereen soll op sinn.